

## Journée de la Commémoration nationale zu Diddeleng

10. Oktober 2021

### *Ried vum CM2GM-Präsident*

75 Joer sinn et an der Tëschenzäit hier, zënter dass zu Lëtzebuerg d'Journée de la Commémoration nationale“ begaange gëtt. Et war 1946, also am éischte Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich, wéi d'Regierung dëse Gedenkdag offiziell agefouert huet, fir un déi schrecklech Krichsjoren mat hire villen Affer an dat grousst Leed z'erënnere, dat den Naziokkupant iwwert d'Land bruecht hat. Gläichzäiteg sollt dësen Dag awer och eng dankbar Erënnung un d'Solidaritéit an de Courage vum Lëtzebuurger Vollek an de Joren 1940-1945 sinn.

Dofir gouf als Stéchdatum den 10. Oktober geholl, well op deem Dag am Joer 1941 de Gauleiter Gustav Simon als Chef vun der däitscher Zivilverwaltung eng offiziell als „Personenstandsaufnahme“ bezeechent Volkszählung duerchgefouert huet. Net anonym op engen Stëmmziedel, mä schrëftlech op engem Questionnaire sollten d'Lëtzebuurger op dräi hannerlëscht gestallte Froen no hirer Mammesprooch, hirer Nationalitéit an hirer Ofstamung äntweren. D'Organisateure vun dësem Referendum -sou géife mir déi Ëmfro wuel haut nennen- hatten sech erwaart, dass en eendäiteg Bekenntnes zum Hitler sengem Drëtten Räich géif erauskommen. D'Lëtzebuurger hunn allerdéngs an hirer grousser Majoritéit 3 x Lëtzebuerg geäntwert, wat fir d'Nazibesatzer eng fierchterlech Nidderlag an eng grouss Blamage war, déi souguer zu Berlin grouss Roserei ausgeléist huet. Mir feieren also haut den 80. Anniversaire vun dësem memorabelen Datum an der Lëtzebuurger Geschicht, deen ouni Zweifel e konstituierend Element vun eiser Communautéit an och vun der europäescher Séil ginn ass, déi mir an äis droen.

En zweeten 80. Anniversaire vum Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg, deen haut begaange gëtt, ass dee vum Départ vum éischten Deportatiounszuch de 16. Oktober 1941 mat 323 Judde vu Lëtzebuerg op Litzmannstadt (haut Lodz a Polen). Sie ware véier Deeg virdrun, grad ewéi 190 jüddesch Awunner aus der Regioun Tréier, mat enger „staatspolizeilicher Verfügung“ opgefuerdert ginn, fir sech an der Gare vu Lëtzebuerg respektiv op enger Sammelplaz zu Tréier anzefannen, dat „zum Zwecke der Aussiedlung nach dem Reichsgebiet“. Vun dëse 513 Deportierten vum sougenannte „Luxemburger Transport“ hunn der nëmmen 13 de Getto vu Litzmannstadt an d'Vernichtungslager vun Auschwitz iwwerlieft. Et ass dëst eng wierklech schrecklech Bilanz gewiescht, déi allerdéngs eréischt den Ufank war, well bis 1943 sinn nach sechs esou Transporter nokomm. Dës Aktioun war Deel vun engem systematesche Völkermord vun den Nationalsozialisten an hiren Helfershelfer un de Judden.

Als drëtter Punkt huet d'Regierung d'Erënnerung un den Engagement vu ronn honnert Fräiwëlleger vu Lëtzebuerg am Spuenesche Biergerkrich an de Joren 1936 bis 1939 an de Programm vun der „Journée de la Commémoration nationale“ vun dësem Joer opgeholl. Dat ass ënner anerem haut am Virmëtteg mat dem Ubréngge vun enger Gedenkplack fir d'Spueniekämpfer un der „Gëlle Fra“ konkretiséiert ginn.

Am November 1936, also dräi Joer virum Ausbroch vum Zweete Weltkrich, huet de bulgaresch-britesche Schrëftsteller a Philosoph Elias Canetti, e Meeschter vun Aphorismen an däitscher Sprooch a Literaturnobelpreisträger vum Joer 1981, dës Feststellung gemat: „D'Mënschheet weess sech nëmmen da kee Rot, wa sie keng Erfahrung a keng Erënnerung huet.“

Dës déifsennege Ausso kann een direkt op d'Lëtzebuerg vun haut iwwerdroen. Wou géife mir nämlech stoen, wann deemools an der wuel schwéierster Zäit vun eiser Nationalgeschichte d'Mënschen hei am Land net Zivilcourage, Solidaritéit a Responsabilitéit bewisen a vill geaffert a gelidden hätten, fir d'Fräiheet an de Fridden erëm ze kréien? Mir müssen dofir d'Erënnerung onbedéngt och als Warnung verstoen.

„Nie méi esou eppes - Never again - Nie wieder!“ Dat war d'Schlagwuert direkt nom Krich a während ville Jorzéngten an ass et och nach haut. Wa mir awer haut gesinn, wéi Friemenhaass, Homophobie, Antisemitismus, Ausgrenzungen, e latenten Nationalismus a Fake News opkommen, da mussen d'Alarmklacke bei all Demokrat lauden, well mir äis op dem Wee zrëck an déi däitscher Vergaangenheet befannen. Dës Entwécklung däerf äis net egal sinn, mir müssen opstoen an deene geféierlechen Tendenzen entgéint trieden. Ustrengungen an der Mémoiresaarbecht si méi dringend wéi je. Dobäi misst awer och déi soziologesch Entwécklung hei am Land méi staark berücksichtegt ginn, well ëmmerhin bal d'Halschent vun der Populatioun Net-Lëtzebuerger sinn, déi eis Geschicht -dobäi denken ech besonnesch un déi vum Zweete Weltkrich- bal guer net kennen. Dës Matbiergerinnen a Matbierger sollen iwwert déi markant Faiten an Datumme vun der Krichszäit zu Lëtzebuerg opgeklärt ginn, fir dass net dat virkënnt, wat zum Beispill dëslescht op der Hollerecher Gare passéiert ass, wéi e jonke Portugies, deen aus dem Zuch geklommen ass, gefrot huet, wat eigentlech dat Monument do wär a wat géif gefeiert ginn. Op d'Äntwert, dass dat mam Krich ze doen hätt, ass d'Fro komm, wéi e Krich dat da gewiescht wier. Vläch huet déi jonke Mënsch un de Kolonialkrich vu sengem Heemechtsland am Angola geduecht, well vum Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg hat hien wahrscheinlech nach näischt héieren. Esou Froen kommen iwwregens ëmmer erëm op, wann onbedeelegt Leit Kommoratiounsfeieren zum Beispill um Kanounenhiwwel oder bei der Gëlle Frau observéieren.

A menger éischer Ried als CM2GM-Präsident hunn ech de 7. Oktober 2017 um Kommemoratiounsdag zu Dikrech d'Meenung vertrueden, datt Lëtzebuerg eng nei Eënnerungskultur un den Zweete Weltkrich brauch. Dobäi hunn ech de Standpunkt vertrueden, dass d'Erënnerung net einfach ka fortgeschriwwen ginn, mä ëmmer erëm

muss erneiert ginn, well sie soss Gefor leeft, an de Vergiess ze geroden. An deem Sënn soll a muss d'Geschicht fir äis all e gudden a wichtege Léiermeeschter bleiwen.

Egal ob Nokomme vun der 1., 2. oder 3. Generatioun an ob mir wëllen oder net, mir sinn d'lerwe vu perséinleche Geschichten, awer och vum Schicksal vun eiser Gemeinschaft am Zweete Weltkrich. Mir hunn net nëmmen déi schons bal helleg Aufgab, fir d'Erënnerung un d'Krichsaffer héich ze halen. Neen! Mir sollen a müssen äis bewosst sinn, dass mir vun hinnen eng lerschaft kruten, déi wäit doriwwer erausgeet a virun allem mat dem Respekt vun de Mënscherechter an de Wäerter vun der Fräiheet ze doen huet, fir déi mir äis asetze müssen. Nëmme wa mir aus dëser Erkenntnes eraus d'Vergaangenheet mat der heiteger Zäit kombinéieren, da garantéiere mir d'Zukunft.

D'Haaptgewicht vun der Erënnerungsarbecht soll onbedéngt op der Jugend an deeër hir Erzéiung zu opgeklärte Staatsbürger leien. Dëser Aufgab ass de CM2GM nokomm mat der Publikatioun vun enger Broschür iwwert den Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg op Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch an Däitsch fir d'Schüler vum Secondaire. Dës Publikatioun ass eng Gemeinschaftsarbeit vun den dräi Affergruppen aus dem Comité pour la mémoire an Zesummenarbeit mat dem Zentrum fir politesch Bildung. Eng aner Initiativ ass dem CM2GM säin Internet-Site, deen am Opbau souwäit fäerdeg ass. Ernimme muss een awer och d'Rucksakbibliothék, eng Aktioun, wou Publikatiounen -Bicher, Zäitdokumenter, audiovisuellt Material, asw.- iwwert den Zweete Weltkrich all Joer an aner Schouklasse ginn, déi dann mat hirem Léierpersonal op dësem Thema schaffen an eng Ofschlossarbeit maachen. Kuerz virun hirer Publikatioun steet an de nächste Wochen nach eng Meenungsëmfro, déi den CM2GM an de leschte Woche maache gelooss huet. Doriwwer eraus muss mir am Intressi vun der Jugend awer och nach méi op informatesch an digitaliséiert Material setzen.

Vun Ufank u war gewosst, dass d'Zesummenarbeit am CM2GM net einfach géif ginn. Mir hunn awer trotz etlech Hin an Hier eise Wee fonnt an eppes erreicht. Bei dësem Kapitel wëll ech ënnersträichen, dass et dat gutt Recht vun all Affergrupp ass, fir fir seng Cause anzetrieden. Allerdéngs däerf et dobäi net vun enger bestëmmter Säit aus zu Attacke géint anerer, zu perséinlechen Urempelungen an zur Verbreedung vu falschen Informatiounen kommen, déi ënnerschwelleg Hasstirade sinn an d'Saach vun der Mémoire net weiderbréngen. Bei alle Differenzen soll op d'mannst de géigesäitege Respekt dat iewescht Gebot sinn. Do spillen als Intermédiaire déi sozial Medien eng grouss Roll an dobäi besonnesch Facebook, dat ech als grouse Muechtapparat an dofir souguer als net ze ënnerschätzend Gefor fir d'Demokratie ugesinn.

No dëse méi bedenkliche Wieder ginn ech ofschléissend haut an hei déi festen Zouso, dass mir an engem positive Geescht am CM2GM aus Respekt virun alle Krichsaffer eis Missioun weiderhin erfëlle wëllen.

Ofschléissend wëll ech net vergiessen , fir all deenen, déi un der Organisatioun vun dëser Gedenksätzung bedeelegt waren, fir hiren Asaz op deene verschiddene Pläng e ganz grouse Merci ze soen.

Iech alleguerte villmools Merci fir är Opmierksamkeet.

*Josy Lorent*